N°1779
Entrée le 14.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 1779 vum 15. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

**Ad 1**

Den Artikel 18 vum Jugendschutzgesetz gesäit vir, dass de Mannerjäregen, seng Elteren oder d'Persounen, déi d'Garde hunn, een Affekot kënne bestëmmen oder beim Jugendriichter ufroen, dass ee fir si genannt gëtt.

An der Praxis kréien déi concernéiert Persounen déi Informatioun an der Reegel vum Geriicht oder vum Greffier matgedeelt, och wann net virgesinn ass, dass déi concernéiert Persounen „automatesch oder ëmmer“ vum Geriicht iwwer dat Recht informéiert musse ginn.

Et sief allgemeng awer dorun erënnert, datt d'Regierung mat de Gesetzesprojeten n° 7991, 7992 a 7994 amgaang ass, de juristesche Kader vum Jugendschutz grondleeënd ze reforméieren.

Och ass et iwwer dës Fro eraus, ëmmer nees wichteg op eng Rei Servicer opmierksam ze maachen, wou déi concernéiert Persoune gratis iwwer dëst an aner Rechter opgekläert kënne ginn. Et handelt sech dobäi, zum Beispill, em follgend Servicer, op déi och um Internetsite vun der Justice[1] verwise gëtt:

- De Service d'accueil et d'information juridique vum Parquet général, wou d'Leit gratis wärend engem individuellen a vertraulechen Entretien mat engem Representant vum Parquet général Informatiounen iwwert Prozedure kënne kréien a bei déi kompetent Servicer kënnen orientéiert ginn.

- De Service d'accueil et d'information juridique vun de Barreaue vu Lëtzebuerg an Dikrech,
- wou d'Leit gratis vun engem Affekot iwwer hir Rechter kënnen opgekläert ginn.

**Ad 2**

Zënter der Gesetzesännerung vum 18. August 1995 gesäit den Artikel 18 vum Jugendschutzgesetz vir, dass de Jugendriichter och ouni Ufro vun enger Partei un d'Jugendgeriicht een Affekot fir e Mannerjäregen nennt, grad falls den Interêt vum Mannerjäregen dëst verlaangt.

Dës Ernennung passéiert am Interessi vum betraffene Mannerjäregen an deementspriechend och am Kader vun der genereller Missioun vum Jugendriichter fir d'Interesse vun de Mannerjäregen ze schützen (z.B. am Fall vun engem Konflikt tëscht getrennten Elteren, wann d'Kand an e Loyalitéitskonflikt geréit oder am Fall vun enger Placéierung vum Mannerjäregen an der UNISEC).

[1] https://justice.public.lu/fr/aides-informations/accueil-info-juridique.html

D’Ernennung vun engem Affekot fir e Mannerjäregen duerch de Jugendriichter respektéiert och d’Recht op e faire Prozess (Artikel 6 vun der Europäescher Konventioun iwwer Mënscherechter) an d’Recht vum Kand viru Geriicht gehéiert a vertrueden ze ginn (Artikel 12 vun der Internationaler Kannerrechtskonventioun).

Vu dass déi genannte Praxis mat dem Artikel 18 vum Jugendschutzgesetz, mat dem internationale Recht a mat der genereller Missioun vum Jugendriichter am Aklang steet, gëtt et do kee Besoin fir eng Gesetzesännerung.

**<u>Ad 3</u>**

Et kënnt net oft vir, dass de Remplacement vun engem Affekot fir e Mannerjärege gefrot gëtt. Déi meeschten Ufroe fir e Remplacement gi vun den Affekote selwer gestallt, wann si de Beruff verloossen. A ganz seelene Fäll kënnt et z.B. och vir, dass den Affekot ausgetosch muss ginn, well de Mannerjäregen an den Affekot net déi selwecht Sprooch schwätzen.

De Mannerjäregen huet zu all Moment de fräie Choix vu sengem Affekot an zu kengem Zäitpunkt gëtt him en Affekot vum Jugendriichter opgezwongen. Wann e Mannerjärege säin Affekot wëll wiesselen, da freet de Jugendriichter awer no, aus wéi engem Grond de Mannerjäregen dës Ufro stellt. Dëst déngt exklusiv dem Interêt vum Mannerjäregen, ma de Riichter refuséiert den ugefroten Affekotewiessel net.

Wann e Mannerjärege mat engem aneren Affekot an d’Sëtzung kënnt, wéi deen, deen eventuell vum Jugendriichter genannt gouf, da gëtt dësen neien Affekot viru Geriicht gehéiert.

Lëtzebuerg, den 14. Februar 2025.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue